Sensibilité politique
Boîte postale 83
L-7201 Bereldange

Fernand ETGEN
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 10/01/2019

Här President,

Sou wéi den Artikel 83 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un de Minister fir Kommunikatioun a Medien weiderzeleeden.

Viru kuerzem ass bekannt ginn, datt et an Däitschland en Hackerugréff gouf, deen zur Veréffentlechung vu privaten Date vu ronn 1000 Politiker a Prominente gefouert huet. An deem Kontext iwwerleeë verschidde Membere vun den däitsche Sozialdemokraten, ob et net sënnvoll wär, d'Sécherheetsvirgabe fir Softwareentwéckler an Operateure vun Internetplattforme gesetzlech ze verschäerfen.

An deem Zesummenhang wéilt ech dem Minister dës Froe stellen:

- Wéi schätzt den Här Minister d'Menace duerch ähnlech Ugréffer fir Lëtzebuerg an?
- Deelt den Här Minister d'Meenung, dass een d'Sécherheetsvirschréfte verschäerfe muss? Falls jo, wéi soll d'Sécherheet vu privaten Daten am Internet an dësem Zesummenhang an Zukunft konkret geschützt ginn?
- De Faktor Mënsch soll bei dësem Hack eng grouss Roll gespillt hunn. Wéi gedenkt de Minister Privatpersounen an Zukunft besser iwwert d'Wichtegkeet vum Schutz vun den eegenen Daten am Internet opzeklären? Wéi eng Pläng ginn et an deem Kontext bei Bee Secure an doriwwer eraus?

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven
Député